



## **Formatioun vun de Gruppchef/tainen (GC) a Gruppchef/tainen adj. (GCadj)**

### 1. Conditione fir d'Formatioun unzefänken

- \* De/D'Kandidat/in huet op d'ma'Nnst 24 Joer.
- \* Hie/Si huet de Wëllen an d'Méiglechkeet seng/hir Formatioun fir d'Ernennung bannent 2 Joer ofzeschléissen.
- \* D'Membere vum Grupperot acceptéieren de/d'Kandidat/in als zoukënfteg/e Gruppchef/taine resp. Gruppchef/taine adjoint/e.

### 2. Umeldung fir d'Formatioun

Fir d'Formatioun mellt de/d'Kandidat/in sech mam offizielle Formulaire "Umeldung fir d'Formatioun" iwwert d'Verbandssekretariat un.  
Op engem separate Formulaire ginn d'Nimm an d'Funktione vun de Membere vum Grupperot agedroen. Si ginn hiren Accord mat hirer Ënnerschrëft.

### 3. Opbau vun der Formatioun

- 3.1. D'Formatioun huet nëmmen een Zyklus an ass d'selwecht fir GC, wéi fir GCadj. Se besteet aus dem Cheftraining an engem praktesche Stage.
- 3.2. De Cheftraining fir nei GC a GCadj besteet aus:
  - a) Engem Formatiounsweekend, oder der selwechter Unzuel vun Formatiounsstonnen
  - b) enger "Renconter" fir GC
- 3.3. De praktesche Stage gëtt am eegene Grupp gemaach a besteet op d'mannst aus dem Leede vun enger Reunioun vum Grupperot, bei där e Verrieder vun der Gruppenequip dobäi ass. No dëser Reunioun mécht de Kandidat zesumme mam Verrieder vun der Gruppenequipe de Bilan. De Verrieder mécht de Rapport an der nächster Equipeversammlung. Den Ordre du jour vum Grupperot gëtt am viraus un d' Gruppenequipe geschéckt. Doniewent steet de Verrieder dem GC-Kandidat mat Rot an Dot zur Säit
- 3.4. Kandidaten/innen, déi nach ni eng Chefennennung bei den LGS hunn oder haten, müssen zousätzlech d'Formatioun vum Tronc Commun matmaachen.
- 3.5. D' Gruppenequipe leet fest, wat fir eng Dokumentatioun d'Kandidaten/innen müssen hunn a benotzen.

### 4. Organisatioun vun der Formatioun

- \* Verantwortlech fir d'Formatioun vun de GC a GCadj ass de Commissaire fir Gruppen.  
Op der Formatioun muss ee Formateur präsent sinn, deen de « Brevet animateur F » huet.
- \* All Deeler vun der Formatioun, déi de/d'Kandidat/in matmécht, ginn op senger/hirer Formatiounskart agedroen. Si kréien dës Formatiounskart op der



éischter Formatiounsaktivitéit.

- \* Bei onkloren Situatiounen, déi an dësem Reglement net virgesi sinn, entscheet de Formatiounscommissaire no Récksprooch mam Commissaire fir Gruppen.

D'Conditionen an d'Modalitéite fir d'Ernennung als GC oder GCadj a fir d'Erneierung vun den Ernennungen stinn am Reglement iwwer Chefennungen (cf Reglement N° 9)

#### 5. Schlussbestëmmung

Dëst Reglement ersetzt d' Reglement N°6 vum 01.07.2009